ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Justizminister, den Här Sportminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

A gläich e puer Artikelen an der Press gouf de 27. an den 28. Mäerz 2019 dokumentéiert, datt am Futtballstadion Josy Barthel, beim Spill vu Lëtzebuerg géint d'Ukrain, nationalsozialistesch Symboler gewise goufen. Dorop gouf awer vun offizieller Säit anscheinend "aus Sécherheetsgrënn" aus net reagéiert.

An dësem Kontext wéilt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng nationalsozialistesch Symboler sinn zu Lëtzebuerg verbueden ?
2. Firwat gouf net vun der Police intervenéiert, wou am Stadion de sougenannten "Hitlergruss" gemaach gouf?
3. Goufen déi Schëlleg identifizéiert a protokolléiert? Huet de Staat Poursuitten ageleet?
4. Fannen déi Häre Ministeren et normal, datt hei am Land nees den "Hitlergruss" gewise gëtt, ouni datt d'Police agräift? Lëtzebuerg war och international duerch d'decidéiert Optriede vun eise Sécherheetskräften 1994 (Rudolf-Hess-Opmarsch) an e ganz positiivt Liicht geréckelt ginn. Riskéiert net d'Feele vun enger Reaktioun beim Lännermatch, dëst Bild ze beschiedegen?
5. Firwat goufen déi ukrainesch "Supporteren" net méi streng am viraus kontrolléiert an iwwer déi legal Bestëmmungen am Hibléck op nationalsozialistesch Symboler hei am Land opgeklärt?
6. Firwat goufen "aus Sécherheetsgrënn" esou Delikter toleréiert? Waren déi ukrainesch nationalsozialistesch Zeen an hir Präsenz am Sport ënnerschat ginn? Waren net genuch Polizisten do, fir den Aktioune vun deenen Neonazien effikass entgéint ze trieden?
7. Firwat gouf toleréiert, datt eng Foto vun engem bekannten Nazi-Collaborateur, dem Här Bandera, am Stadion gewise gouf?
8. Firwat war, wann d'Press dat richteg rapportéiert huet, keng oder bal keng Policepräsenz am Stadion ?

9. Wéi konnt et dozou kommen, datt eng 40 Sëtzer am Stadion vun ukrainesche “Supporteren” beschiedegt oder zerstéiert goufen an d’Police net agegraff huet?
10. Gouf et am Virfeld Kontakter mam Bausseministère fir sech iwwer déi politesch Situatioun an der Ukrain ze informéieren an de Sécherheetsdispositif deementspriechend unzepassen? Waren déi Häre Ministere fir déi bannenzeg Sécherheet, de Sport an d’Justiz iwwer déi méiglech Präsenz vum “Prawij Sektor” bei dem Spill informéiert?
11. Wéi eng Léieren zéien déi Häre Ministeren aus dësen Tëschefäll?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten